

Commission pour le développement durable et à l'énergie
Reunion vum 23 Mäerz 2021 iwwer Video Konferenz

Present: Alex BERTRAND, Jean-Jacques BUTTEL, Philippe CHENNAUX, Pierre ESPEN, Marc FRANK, Claude HETTINGER, Jacques HUSS, Carlo KOEPP, Patrick KRÄMER, Joske VOSMAN

Entschëllegt: José FERNANDES, Ambros PORCSIN

Absent: Néant

Bericht: Carlo Koepp

1) Begréissung

De Philippe huet d' Memberen gegréisst an d' Dagesuerdnung presentéiert.

- Remarquen zum leschte Rapport
- ROI fir d' Kommissiounen
- Stoffwëndelberodung (leschte Stand)
- Leader-Aarbechtsgrupp "Verbannung vun den Dierfer Gemeng Helperknapp" (Leschte Stand)
- Ufro vum Schäfferot fir d' Subside Reglement am Kader vum neien Energielabel
- Ëmwelt-Charta fir d' Veräiner – Diskussioun a Virschléi
- Verschiddenes

2) Rapport vum 19 Januar 2021 ass **eestëmmeg** ugeholl ginn

3) ROI fir d' Kommissiounen:

De Carlo huet den ROI vun der Gemeng kritt an duerchgeliess. Ouni elo op all Punkt anzegoen ass awer wichteg ze notéieren, dat d' Invitatiounen an d' Rapporten termingerecht, wéi am ROI festgehalen, verschéckt ginn un d' Memberen an och un Gemeng am Fall vum Rapport.

3) Berodung fir de Gebrauch vu Stoffwëndelen

D' Initiative Liewensufank biet, laut Philippe, 2 Berodungsméiglechten, entweder am Grupp oder Individuell. An der leschter Versammlung hate mir schonn 240€/Cour notéiert fir e Grupp. Fir eng individuell Berodung hu mir kee Präis. Um Internet Site schwätzen se vun 32€/h ouni weider Informatiounen. Duerfir freet de Philippe nach eng kéier no.

Mir hunn awer **eestëmmeg** festgehal fir eng Gruppenberodung als Pilotprojet z'organiséieren. Wann Gemeng domadder averstan ass, géife mir Virschloen fir dat am nächstméiglechen Buet z'annoncéieren mat engem Termin - an der Versammlung sote mer fréistens am Juni, wat awer net méi dran ass wéinst dem Buet an och der Pandemie – duerfir warscheinlech éischter am 4 Quartal dëst Joer.

4) Leader Aarbechtsgrupp

De Philippe huet matgedeelt dat eng Sëtzung stattfonnt huet, mat ënner anerem der Präsenz vun de Madammen Sarah Mathieu a Mireille Scheid, dem Joske an dem Philippe. Verschidden Initiativen fir Verbindungswéeër an der Region huet de Philippe dann mat Aschätzungen opgezielt:

- | | |
|-----------------------------|--|
| ▪ Bëschdref -Béiwen | schwierig, nach kee Plang a Sicht |
| ▪ Fënsterdall – Tumulus | schwierig, eng Léisung ass nach net fonnt |
| ▪ Gréiweknapp – Brouch | schwierig, awer Méiglechkeeten bestinn |
| ▪ Brouch – Bëschdref | fäerdeg bis op 31 m an der Mëtt |
| ▪ Obenthalt – Miersch | gutt Méiglechkeeten bestinn |
| ▪ Keispeelt – Miersch | e Plang existéiert |
| ▪ Gemengenatelier – Huelwee | Iddie existéiert, awer esou net duerchféierbar |

4) Ufro vum Schäfferot fir d' Subside Reglement am Kader vum neien Energielabel

De Carlo huet ee Resumé mat Upassungen preparéiert an virgestallt.

Weider Virschléi goufen an der Sëtzung diskutéiert an **unanime** uegheoll:

- **Wäschetrockner**, sinn nach net am neien Label erfaasst a sollen dofir bis op Weideres A+++ bléiwen, och wann den ökologeschen Notzen a Fro gestallt gouf.
- **Elektresch Haushaltsapparater**, de "Montant accordé" vun 50€ op 100€ ze erhéijen
- **Reewaasser-Kollekter**, de Staat gëtt ee Subside vun 25% bis max. 1000€ vum Invest, wann d'Konditiounen erfëllt sinn. Gemeng bedeelegt sech bis elo mat 500€. Dëse Montant sollt bis op 75% vum staatlechen Subside erhéicht ginn.
- **Pedelec a Vélo**, eis Gemeng ass laut Ausso vun verschiddenen Memberen eng vu wéinegen déi nach keen Subside accordéiert. Mir schloe vir dat Gemeng dësen Subside aféiert, an 50% vum staatlechen Montant bäileet.

4) Ëmwelt Charta

De Carlo hat de Memberen ee Layout geschéckt an an der Video-Konferenz präsentéiert. Email-Réckmeldungen an textuell Verbesserungen goufen schonn integréiert. De Layout gouf an der Réunioun allgemeng guttgeheescht a gëtt als Annexe der Gemeng fir Avis virgeluecht.

Et gouf nach erwäant op d' Veräiner solle en Avis ginn, op Virschlag vum Pierre mengen mir net. D'Kommissiounen kënnent awer informéiert ginn.

Fir d'Aféierung vun der Charta proposéieren mir a klengen Zeremoniell zesummen mat den Veräiner, déi interesséiert sinn, an mat de Gemengen Autoritéiten. De Buergermeeschter, Schäfte an Veräins-Präsidenten ënnerschreiwen Chartaen vläicht an Präsenz vun der Press a mat spéiderer Publikatioun am Buet.

5) Divers

- D'Fro ass, kënn Gemeng op hirer Websäite ee Firmaen a Fournisseuren Regëster féieren déi Ëmwelt techneschen Anlagen liwweren an installéieren (Photovoltaik, Reewaasser-Kollekter, Isolatiounen,

Derfir géif schwätzen: Eng ëmfaassend Sammlung vun Firmaen fir a liichten Iwwerbléck ze kréien ouni mussen ëmständlech am Internet ze sichen.

Do géint schwätzt:

- Ëmständlech Mise à jour (Alex)
 - Deloyal Empfangen zu Firmaen déi net erfaasst sinn (J-J)
 - Neutral Positioun vun der Gemeng par Rapport zu Firmaen, net dat d'Publikatiounen am Regëster als Promotioun verstanen gëtt!
- De J-J freet op eng Grouss Botz (traditionell Ouschterbotz) an der Gemeng stattfënnt. Corona bedéngt net seet de Joske. Individuell Aktiounen sinn denkbar. D' Material fir opzerafen gëtt et an der Gemeng. Et misst ee just eng Sammelplaz festleeën fir gefëllten Tuten ofzestellen.

PDF-Annexen: Zesummeffaassung neie Energielabel mat Proposen fir Avis
 Layout Ëmwelt Charta fir Avis

Nächst Sëtzung den 18 Mäi 2021 um 19h30 an der Koll oder iwwer Video Konferenz